EUROPÄESCH DEEG VUM PATRIMOINE
17. OKTOBER 2026

Gesiichter vun der Monarchie

Portraite vun de Grand-Ducen a Grande-Duchessë vu Lëtzebuerg

Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

D'Chamber

D'Chamber ass d'Eekammerparlament vum Groussherzogtum Lëtzebuerg.

Déi 60 Deputéiert, déi do siegéieren, ginn all fënnef Joer nom allgemenge Walrecht gewielt. Déi dräi Haaptaufgabe vun der Chamber bestinn doran, Gesetzer auszeschaffen an unzehuelen, d'Regierung ze kontrolléieren an déi politesch Debatt ze féieren, woubäi d'Unhuele vu Gesetzer hir symbolträchtegst Aufgab ass. **Lëtzebuerg ass eng parlamentaresch Demokratie** a Form vun enger konstitutioneller Monarchie. Tëschent der Chamber an dem Grand-Duc als Staatschef besti verfassungsrechtlech Verbindungen. Allerdéngs, am Respekt vum Prinzip vun der Gewaltentrennung, ass de Grand-Duc net bei den ëffentleche Sëtzunge dobäi.

Dofir gëtt d'Monarchie am Parlament mat verschidde Wierker representéiert, dorënner de **Portrait vum amtéierende Grand-Duc, deen am Plenièressall opgehaang ass**, dem Häerzsteck vun der Chamber.

Am Häerz vun den offizielle Raimlechkeete vum Parlament


D'Presidentegalerie
Entdeckt d'Portraite vun de Presidenten, déi am Laf vun de Joren d'Aarbechte vum Parlament presidéiert hunn.

Den Hall vun der Chamber
Den Hall vun der Chamber ass d'Haaptentrée vum Parlamentsgebai. Duerch hie ginn d'Deputéiert an d'Ministeren op hirem Wee fir an de Plenièressall.

D'„Salle des pas perdus" oder „Antichamber"
Dëse Raum, dee virum Plenièressall läit, ass d'Plaz wou d'Deputéiert an d'Ministere sech während den ëffentleche Sëtzunge begéinen an austauschen.

De Plenièressall
Hei kommen déi 60 Deputéiert zesummen, fir iwwer Gesetzer ze debattéieren an ofzestëmmen. Dëst ass dat offiziellt Häerzsteck vum legislative Prozess a vun der Kontroll vun der Regierung.

Rez-de-chaussée



1 Ufank vun der Visitt
2 Portraitsgalerie (Presidente vun der Chamber)
3 Hall vun der Chamber



Adolphe a Guillaume IV., Grand-Duce vu Lëtzebuerg

Ferdinand d'Huart (1858–1919)
1900 an 1910

Dës monumental Portraite vum éischte Grand-Duc aus dem Haus Lëtzebuerg-Nassau a sengem Nofollger, déi fir d'Weltausstellungen zu Paräis 1900 an zu Bréissel 1910 an Optrag gi goufen, ënnersträichen d'Presenz vu Lëtzebuerg a senger Dynastie. Fir den Adolphe huet de Ferdinand d'Huart sech vum Wierk vum Carl von Pidoll inspiréiere gelooss. De Guillaume IV. gouf no enger Foto gemoolt, well hien aus Gesondheetsgrënn net poséiere konnt.

Hall vun der Chamber **3**




Grande-Duchesse Charlotte

Cipri Adolf Bermann (1862–1942)
Géisserei: Verbeyst, Bréissel
1935 (oder éischter)

Dëse Bronzebuste war Deel vun der offizieller Presentatioun vu Lëtzebuerg op der Weltausstellung zu Bréissel am Joer 1935. En ass vum däitsche Sculpteur Cipri Adolf Bermann geschaf ginn an ass eng Fortsetzung vun der Traditioun gewiescht, gemoolte Portraiten a Bustë vu lëtzebuergesche Monarche bei de groussen internationalen Ausstellungen weisen.

Hall vun der Chamber **3**

1. Stack



4 „Salle des pas perdus" („Antichamber")
5 Plenièressall
6 Couloir tëscht der Chamber an dem Palais



Grande-Duchesse Charlotte

Hubert-Denis Etcheverry (1867–1952)
1937

Dëse Portrait vun der Monarchin, dee vum franséische Kënschtler Hubert-Denis Etcheverry fir d'Weltausstellung zu Paräis am Joer 1937 gemoolt gouf, ass während dem Zweete Weltkrich zu engem heemleche Symbol ginn. En ass a Fotomontagë genotzt ginn, an deenen d'Grande-Duchesse mat patriotesche Symboler a Verbindung bruecht ginn ass, an et sinn Zéngdausenden Exemplairen dovu verdeelt ginn. No 1945 huet d'Wierk seng Plaz am Sëtzungssall vun der Chamber fonnt.

„Salle des pas perdus" **4**



Grand-Duc Jean

Ricardo Macarrón (1926–2004)
1989

Am Joer 1989 huet de spuenesche Moler Ricardo Macarrón den offizielle Portrait vum Grand-Duc Jean gemoolt. Während de Portrait, deen am groussherzogleche Palais hänkt, hien am Dräivéierelsprofil weist, handelt et sech bei deem heiten ëm e Ganzkierperportrait. Nom Virbild vun de Portraite vun de Grand-Ducen Adolphe a Guillaume IV., déi am Agang vun der Chamber hänken, gëtt de Grand-Duc a senger Paradenuniform duergestallt, un déi seng militäresch Dekoratiounen ugespéngelt sinn.

„Salle des pas perdus" **4**



Grand-Duc Henri

Louis Van Gorp (1932–2008)
2001

Fir de Plenièressall vun der Chamber huet de Louis Van Gorp de Grand-Duc Henri a Paradenuniform virun enger Vue vu Clausen duergestallt. Säin intimistesche Realismus mat engem feine Gespier fir Luucht, Schimmer a Faarwe verankert de Monarch an enger ikonescher Landschaft vun der Haaptstad.

„Salle des pas perdus" **4**



Grand-Duc Guillaume

Andrew Gow (* 1978)
2025

Den Andrew Gow huet den offizielle Portrait vum Grand-Duc Guillaume fir d'Chamber gemoolt. Virun engem einfache bloe Riddo ass de Grand-Duc mat sengem Monogramm ze gesinn, deen déi éischte Kéier an den offizielle Portrait vun engem lëtzebuergesche Monarch integréiert gouf.

Plenièressall **5**



Posthume Buste vun der Grande-Duchesse Marie-Adélaïde

Hans Defregger (1886–1956)
1929

1928 huet déi Lëtzebuerger Regierung de Münchener Sculpteur Hans Defregger domat beoptraagt, dëse posthume Buste vun der Grande-Duchesse Marie-Adélaïde ze schafen. Laut hirer Mamm, der Grande-Duchesse Marie Anne vu Bragança, ass en eng gelongen Duerstellung vun der Monarchin hire Gesiichtszich an de leschte Méint vun hirem Liewen.

Couloir tëscht der Chamber an dem Palais **6**

Serie vu Portraiten

Ferdinand d'Huart (1858–1919)
1895–1910

Am Passage tëscht der Chamber an dem groussherzogleche Palais vermëttelen dem Ferdinand d'Huart seng Portraiten den Androck, wéi wa se als eenheetlechen Ensembel konzipéiert gi wieren. Tatsächlech huet déi lëtzebuergesch Regierung se awer tëscht 1895 an 1910 noeneen an Optrag ginn, an zwar opgrond vun de Portraiten, déi de Kënschtler fir de „Salon des Rois" am groussherzogleche Palais souwéi fir d'Weltausstellunge vun 1900 an 1910 geschaf hat.

Vu lénks no riets
a vun uewen no ënnen:
de Prënz Henri
vun den Nidderlanden,
Lieutenant-Représentant
vum Guillaume III.,
de Grand-Duc Guillaume IV.,
de Grand-Duc Adolphe,
de Kinnek-Grand-Duc Guillaume I.,
de Kinnek-Grand-Duc Guillaume II.
an de Kinnek-Grand-Duc Guillaume III.

Couloir tëscht der Chamber an dem Palais **6**





De Plenièressall ass d'Häerz vum Parlament

D'Monarchie, d'Chamber an d'Verfassung am Laf vun de Joerhonnerten

Bei senger Grënnung duerch de Wiener Kongress am Joer 1815 gëtt d'Groussherzogtum Lëtzebuerg dem Kinnek vun den Nidderlanden, dem **Guillaume I.**, perséinlech zougesprach. Domat geet Lëtzebuerg eng Personalunioun mam Kinnekräich vun den Nidderlanden an.

Ënnert dem **Guillaume II.** kritt d'Groussherzogtum 1841 seng éischt Verfassung, mat där eng Ständevertriedung mat begrenzte Befugnisser an d'Liewe geruff gëtt. D'Verfassung vun 1848, déi virum Hannergrond vun den europäesche Revolutiounen ugeholl gëtt, iwwerdréit dem Parlament, dat vun do u „Chamber" genannt gëtt, de legislative Pouvoir.

1850 ernennt de **Guillaume III.** säi Brudder, de Prënz Henri vun den Nidderlanden, zu sengem Lieutenant-Représentant zu Lëtzebuerg. Am Joer 1856 schränkt eng autoritär Verfassungsrevisioun d'Rechter vum Parlament an, ier d'Verfassung vun 1868 déi wesentlech parlamentaresch Fräiheeten nees aféiert.

Am Joer 1890 setzt d'Trounbesteigung vum **Grand-Duc Adolphe**, deen der Walram-Linn vum Haus Nassau entstaamt, der Personalunioun mat den Nidderlanden en Enn.

Als Papp vu sechs Duechteren ännert de **Guillaume IV.** am Joer 1907 d'Successiounsreegelen, fir seng eelst Duechter Marie-Adélaïde zur Trounierwin ze maachen an d'Kontinuitéit vun der Dynastie ofzesécheren.

D'**Marie-Adélaïde**, déi éischt Monarchin vun der Dynastie, déi zu Lëtzebuerg gebuer ass, regéiert vun 1912 bis 1919. Hire Règne ass gepréägt vum Éischte Weltkrich, der däitscher Besatzung a staarke politesche Spannungen. Nom Krich gëtt hir Positioun a Fro gestallt a si dankt zugonschte vun hirer Schwëster Charlotte of.

De laange Règne (1919–1964) vun der **Grande-Duchesse Charlotte** ass staark vum Zweete Weltkrich gepréägt. No der däitscher Invasioun vum 10. Mee 1940 geet si mat hirer Famill an der Regierung an den Exil. Hir vun der BBC vu London aus diffuséiert Usprooche maache si zu engem Symbol vun der nationaler Onofhängegkeet. D'Gebaier vun der Chamber a vum groussherzogleche Palais gi vun de Besatzer beschlagnaamt.

Wärend dem Règne vum **Grand-Duc Jean** (1964–2000) gëtt d'Land op wirtschaftlechem a sozialem Plang moderniséiert a säin europäescht Engagement gestäerkt. Viru senger Trounbesteigung huet de Grand-Duc als Member vun der brittescher Armé un der Landung an der Normandie deelgeholl an ass den 10. September 1944 an dat befreit Lëtzebuerg zeréckkomm.

De Règne vum **Grand-Duc Henri** (2000–2025) gëtt vun enger Rei vun institutionelle Verännerunge markéiert. Duerch d'Verfassungsrevisioun vun 2009 gëtt de Pouvoir, Gesetzer ze sanctionéieren, ofgeschaaft. D'Gläichstellung vu Fraen a Männer an der Trounfolleg gëtt am Joer 2010 vum Grand-Duc decidéiert an am Joer 2023 am Kader vun de Verfassungsrevisioune confirméiert.

Den 3. Oktober 2025 leet de **Grand-Duc Guillaume** virun der Chamber säin Eed of a gëtt domat zum neie Staatschef vu Lëtzebuerg. De Grand-Duc Guillaume an d'**Grande-Duchesse Stéphanie** hunn zwee Jongen, d'Prënze Charles a François.



Couloir tëscht der Chamber an dem Palais



Grande-Duchesse Marie-Adélaïde

Oscar Edwin Adalbert Meyer-Elbing
(1866 - 1938)
1918

Den Oscar Meyer-Elbing, deen zu Elbing (haut Elbląg a Polen) gebuer gouf an zu Wiesbaden, der eemoleger Residenzstad vun den Nassauer, usässeg war, huet am Joer 1918 d'Grande-Duchesse am groussherzogleche Palais gemoolt. Dee selwechten Diadem ass ab dem Joer 1919 vun hirer Schwëster Charlotte gedroe ginn.



Grand-Duc Henri a Grande-Duchesse Maria Teresa

Ricardo Macarrón (1926 - 2004)
2004

Am Joer 2002 hat de Ricardo Macarrón den Optrag kritt, de Grand-Duc Henri an d'Grande-Duchesse Maria Teresa ze portraitéieren. Am Hannergrond ass den Interieur vum groussherzogleche Palais ze erkennen. Dem Kënschtler säin Doud am Mee 2004 huet der Ausféierung awer en Enn gesat: D'Portraite sinn onvollent an onsignéiert bliwwen, mee hir Echtheet ass op der Récksäit vu senger Wittfra bestätegt ginn.



Guillaume I. a Guillaume II., Kinneke vun den Nidderlanden a Grand-Duce vu Lëtzebuerg

Adriaan Johannes Petrus Boudewijnse
(1862 - 1909)
1893 - 1894

Den A.J.P. Boudewijnse, deen zu Den Haag etabléiert war, huet d'Portraite vum Guillaume I. a vum Guillaume II. fir de „Salon des Rois“ am groussherzogleche Palais gemoolt. Dobäi huet hie sech vun de Wierker vum Jan Adam Kruseman a vum Nicolaas Pieneman inspiréiere gelooss, déi an der Märei zu Den Haag hänken.



Grand-Duc Guillaume III., Kinnek vun den Nidderlanden a Grand-Duc vu Lëtzebuerg

Willem („Willy“) Martens (1856 - 1927)
1894 - 1895

De Willy Martens huet eng Kopie vu sengem monumentale Portrait vum Kinnek-Grand-Duc Guillaume III. erschaf. D'Original, dat deemools an der nidderlännescher Ambassade zu Paräis war an haut am Palais Het Loo hänkt, huet him a sengem Atelier zu Den Haag als Virlag gedéngt.



Prënz Henri vun den Nidderlanden, Lieutenant-Représentant vum Guillaume III.

Ferdinand d'Huart (1858 - 1919)
1894 - 1895

De lëtzebuergesche Moler Ferdinand d'Huart, deen zu Paräis gelieft huet, huet dëse Portrait vum Prënz Henri gemoolt, ouni sech dofir un enger eenzeler Virlag ze orientéieren. Den D'Huart huet d'Wierk op Basis vu verschiddene Virlage geschaf an den Hannergrond schliisslech verein-facht, fir et mat den anere Portraite vun der Galerie an Aklang ze bréngen. De Prënz ass a senger Marinnuniform duergestallt, enger Tenue, déi hie bei offiziellen Zeremonien zu Lëtzebuerg gedroen huet.



Grand-Duc Adolphe

Carl von Pidoll zu Quintenbach (1847 - 1901)
1895

Dëse Portrait ass 1895 vum éisträichesche Kënschtler Carl von Pidoll zu Quintenbach, deen duerch e Bestietnes mat enger lëtzebuergescher Industriellefamill liéiert war, gemoolt ginn a weist de Monarch a senger Uniform vum Fräiwëllegekommandant virum Wope vun Nassau. Eng Inschrift hieft säin Alter zum Zäitpunkt vun der Realisatioun vum Tableau ervir: 77 Joer.



Grand-Duc Guillaume IV.

Edmond Goergen (1914 - 2000)
1949


D'Plaz, déi fir de Portrait vum Grand-Duc Guillaume IV. virgesi war, gouf fir d'éischt vun enger Vue vu Veianen ageholl. 1949 huet de lëtzebuergesche Kënschtler Edmond Goergen dëse Vide gefëllt: Inspiréiert vum Portrait vum Ferdinand d'Huart, deen haut am Agang vun der Chamber hänkt, stellt dësen de Grand-Duc an der Éieregalerie duer.



Grand-Duc Guillaume

Serge Ecker (* 1982)
3D-Scan: Artec 3D
Géisserei: Kunstgießerei Strassacker
2025

Dësen offizielle Buste, dee vum Serge Ecker geschaf ginn ass an dee fir déi lëtzebuergesch Institutioune bestëmmt ass, ass aus engem 3D-Scan vum Grand-Duc entstan, deen du vum Kënschtler iwwerschafft an duerno no traditionelle Verfare gegoss ginn ass. Dësen Dialog tëscht der digitaler Technologie an der Materialitéit erënnert un d'Melusina, dat symbolträchtegt Wierk vum Kënschtler, dat um Bord vun der Uelzecht steet.



Grand-Duc Jean a Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte

Ricardo Macarrón (1926 - 2004)
1989

1989 huet de Ricardo Macarrón nei offiziell Portraite vun der groussherzoglecher Koppel geschaf. De Grand-Duc ass a senger Paradenuniform ze gesinn, d'Grande-Duchesse an engem crèmefaarwege Rack. Virun einfachen, abstrakten Hannergrënn ginn hir direkt Blécker de Portraiten eng feierlech Presenz, déi dem kënschtleresche Stil vum Moler entsprécht.




Grand-Duc Guillaume a Grande-Duchesse Stéphanie

Louise Pragnell (* 1981)
2025


Déi offiziell Portraite vum Louise Pragnell weisen déi groussherzoglech Koppel am Palais an domat op där Plaz, déi fir d'Aus-übung vum Amt an d'Representatiouns-aufgabe vum Staatschef vun zentraler Bedeitung ass.

Rez-de-chaussée



7 Couloir tëscht der Chamber an dem Palais
8 „Salon des Cartes“
9 „Salon des Rois“

1. Stack



10 „Salon jaune“
11 „Salle des Fêtes“
12 Éieregalerie

13 Éierentrap
14 Agangshal
15 Kutschepaart
16 Enn vun der Visitt



EUROPÄESCH DEEG VUM PATRIMOINE
17. OKTOBER 2026

Gesiichter vun der Monarchie

Portraite vun de Grand-Ducen a Grande-Duchessë vu Lëtzebuerg

Maison du Grand-Duc

De grouss-herzogleche Palais

Säit 1895 ass de **groussherzogleche Palais**, eent vun de symbolträchtegste Gebaier vun der Haaptstad, **dem Staats-chef säin offiziellen Amtssëtz**.

Hanner senger eleganter, dezent mat Symboler dekoréierter Fassad spillt sech en intensivt institutionellt Liewen of. **De Palais empfänkt Staatsvisitten, offiziell Visitten, Aarbechtsvisitten souwéi och Perséinlechkeeten aus de Beräicher Poli-tik, Diplomatie, Kultur a Sport.** Doriwwer eraus ass en de Kader fir Akkreditéie-runge vun Ambassadeuren, Audienzen a bedeitend Evenementer wéi Prënzenhochzäiten.

De Palais, deen tëscht dem 16. an dem 19. Joerhonnert eng Rei vu Bauphasen duerchlaf huet, ass haut e remarkabelen architektoneschen Ensembel. Dësen Dialog tëschent den Epoche gëtt him eng eenzegaarteg Identitéit, souwuel als **Symbol fir d'Kontinuitéit vum Staat wéi och als Bijou vum nationale Patrimoine**.

© Maison du Grand-Duc; Sophie Margue, Christof Weber / MNAHA; Tom Lucas



Grande-Duchesse Charlotte a Prënz Félix

Jos Damien (1879 - 1973)
an Anne Rutten (1898 - 1981)
1936 - 1938

Déi zu Hasselt usässeg belsch Portraits-moler Jos Damien an Anne Rutten hunn tëscht 1936 an 1938 zesummen dës monumental Portraite vun der Grande-Duchesse Charlotte a vum Prënz Félix geschaf, déi dofir am Schlass Bierg poséiert hunn. Fir d'éischt houngen dës Portraiten am Schlass, ier se 1955 an den Refuge Sankt Maximin an duerno an den offizielle Raimlechkeete vum groussherz-ogleche Palais opgehaang gi sinn.



Grande-Duchesse Charlotte

Paul Landowski (1875 - 1961)
1939

Dëse patinéierte Gipsofgoss ass 1939 vum fransésische Sculpteur Paul Landowski geschaf ginn, dem Auteur vun der Chrëschtstatu zu Rio. Deen duerch den Zweete Weltkrich ënnerbrachene Projet huet no 1944 e Marberbuste ervirbruecht, dee fir dat neit Gebai vu Radio Luxembourg, d'Villa Louvigny, bestëmmt war.



Grand-Duc Guillaume

Roland Schauls (* 1953)
2025

De lëtzebuergesche Kënschtler Roland Schauls, deen zu Stuttgart ausgebilt gouf, huet am Joer 2025 dësen offizielle Portrait vum Grand-Duc Guillaume am Kader vum Trounwiessel realiséiert. Dem Monarch seng Hand rout op der Verfassung, déi hirersäits op engem Vitrinnendësch läit, deen der Grande-Duchesse Charlotte no der Befreiung am Joer 1945 geschenkt gi war.